N°348
Entrée le 22.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 348 vum 19. Februar 2024 vun den honorabelen Deputéierten Här Marc Spautz an Här Max Hengel.**

*1) Wéi gesäit d'Entwécklung bei de Fäll vu Gebärmutterhalskriibs zanter 2007 insgesamt aus?*

Vun 2011 bis 2016 sinn 43 Fäll vu Gebärmutterhalskriibs diagnostizéiert ginn[1].

Déi lescht Donnéeë fir Lëtzebuerg kommen aus Schätzunge vun Europa vum Site ECIS (European Cancer Information System https://ecis.jrc.ec.europa.eu/) fir d'Joer 2022.

| **Joer 2022** | Fraen |
|---|---|
| Incidence (Zuel vun neie Fäll) | 22 |
| Alter-standardiséierter Inzidenzquote (europäesch Referenzbevëlkerung 2013) (pro 100.000 Leit / Joer) | 7.1 |

*2) Wéi vill Fäll vu Gebärmutterhalskriibs sinn zanter 2007 bei Fraen, déi geimpft goufen, festgestallt ginn?*

Fir de Moment verfügt de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet net iwwert den HPV Impfungsstatus vu Frae fir dëse mat Gebärmutterhalskriibs ze kräizreferenzéieren.

*3) Wéivill spezifesch Kriibsfäll si bei Männer festgestallt ginn, déi zanter 2018 geimpft goufen?*

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet verfügt och net iwwert den HPV Impfstatus vu Männer, wat et och hei onméiglech mécht fir dëse mat Kriibs bei Männer ze kräizreferenzéieren.

[1] Rapport National du Cancer 2020 de l'Institut National du Cancer
https://institutnationalducancer.lu/MSA_5632_20_rapport-cancer-2020_web_BAT.pdf

*4) Wéi vill Meedercher sinn insgesamt zanter 2007 geimpft ginn?*

Tëschent dem 1. Mäerz 2008 an dem 31. Dezember 2019 sinn 32 659 Meedercher a jonk Fraen op mannst eemol géint den HPV geimpft ginn an et goufen insgesamt 80 693 Dosen an den ëffentlechen Apdikten zu Lëtzebuerg fir Meedercher a jonk Frae kaaft.

De Moment leeft och eng Ëmfro fir den Taux un HPV Impfungsofdeckung zu Lëtzebuerg erauszefannen.

*5) Wéi vill Jonge sinn insgesamt zanter 2018 geimpft ginn?*

Wéi scho bei 4) erwähnt, ass eng Ëmfro amgaang fir den Taux un HPV Impfungsofdeckung zu Lëtzebuerg erauszefannen.

*6) Wéi héich ass den Undeel vu Meedercher, respektiv vu Jongen, déi der Recommandatioun vum CSMI nokommen?*

Et sief bei dëser Fro op d'Äntwert op d'Froe 4 a 5 verwisen.

*7) Wat wëll d'Regierung maachen, fir d'HPV-Impfung ze propagéieren?*

Am Zesummenhang mam World HPV Impfungsdag, gouf de 4. Mäerz e Pressecommuniqué publizéiert.

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet, zesumme mat der Direktioun vun der santé, kommunizéieren a sensibiliséiere reegelméisseg iwwer d'Wichtegkeet vun der HPV Impfung a weidere Gesondheetsmoossnamen.

Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez